# Rapport de la  réunion Commission Jeunes du 16 septembre à 19h00 au centre sportif Boy Konen à Cessange

Présents: Engels Romain, Kruchten Guy, Wiseler Dan, Godart Suzie, Magar Claude, Schmit Marco, Raach Serge, Spautz Richard, Urban Steve

Excusés: Schroeder Lex, Schmitz Marco, Elsen Pierre

Invité: Florian Salzinger (FSCL)

1. **Communication interne**

   Et gët festgehale schnell Infoe weider iwwert Whatsapp ze kommunizéieren, och wann ee Member nët iwwert Whatsapp wëllt äntwerten. Rapport'en an offiziell Invitatioue gi weider iwwer Mail verschéckt.
   De Florian Salzinger bestätegt, dat am Laf vum nächste Joer Google Drive fir d'Membere vun alle Komissioune fräigeschalt gëtt.

2. **Approbation du rapport de la réunion du 8 juillet**

   Zu Punkt 3 vun dësem Rapport: déi Saach mam Bréif un den CA wéinst frauduléisen Auslandstarte vu Jonker, soll zesumme mat Vertrieder vun der Jury geklärt an definitiv aus der Welt geschaf ginn.
   Wann an Zukunft all Veräin der FSCL eng Lëscht mat den E-Mailadressen vun hire Vertrieder, déi esou eng Demande erareechen dierfe, schéckt, da kann esou e Mëssel kaum nach vir kommen.
   De Claude Magar schléit vir, beim nächste Kongress déi betreffend Ännerung am Reglement (fräi Zuel vun Auslandstarten) nees réckgängeg ze maachen an e Maximum fest ze léen.
   De Florian Salzinger wëft d'Fro an de Raum, firwaat d'Leit léiwer am Ausland wéi heiheem fueren, fir op deem Wee Léisungsvirschléi ze sichen...

3. **Rapport épreuves jeunes**

   Zur Course op der Championnat zu Bissen ass näischt Extraes ze bemierken, ët war eng flott Streck, d'Organisatioun huet relativ gudd geklappt an all Kand krut eng flott selwer gemaachte Medaill.
   De Florian Salzinger bemierkt, dat d'Präsenz vun deene ganz Jonken däer Championnat gud gedoen huet, wëll esou déi ganz Vëlosfamill vu jonk bis al zesumme war.
   D'Course vum 15.9 zu Dikkerech war nei am Kalenner an haat virun allem op organisatoreschem Plang nach e puer Onstëmmegkeeten. Och hei war d'Streck awer interessant, all Kand krut eng flott Medaill, e klengt Handduch vun der Gemeng Dikkerech an och nach e gesonden Apel no dem Effort.

Fir deene Veräiner, déi nei an der Organisatioun vu Jugendcourse sinn ze hëllefen, gët proposéiert eng kleng Guideline fir d'veräiner opzestellen an déi op der Versammlung am Hierscht virzestellen.

Folgend Course stinn nach un:

- 21.9 Woltz do gin de Steve Urban an de Serge Raach mam Richard Spautz als Delegéiert
- 28.9 zu Schéffleng, do ass de Romain Engels mat derbäi
- 5.10 zu Dippech, bei dëser Course hëlleft de Marco Schmit
- 12.10 zu Miersch, hei ass de Marco Schmitz als zousätzlechen Delegéierte virgesinn. (Et ass awer nach nët gewosst, op dës Epreuve statt wäert fannen, de Veräin huet nach keng Streck eraginn.)

4. **<u>Sponsorat chronométrage</u>**

De Steve Urban mecht de Rapport vu sénger läschter Entrevue mat dem Här Marc Hilgert vum Kichechef.
D'Präisiwwerreechung vun dëser Saison gët am Januar am Geschäft vum Kichechef zu Capellen gemat, de Steve kuckt do mat dem Här Hilgert fir en Datum fest ze léen.
Mir kréien och d'Tiefgarage fir d'Technikofzeechen, och hei schwätzt de Steve mat dem Här Hilgert fir en Datum ëm den 9ten November ze fannen.
Waat den Timing ubelaangt, huet den Här Hilgert, wéinst de Präisfluktuatioune vum Marché, éischter un e Kaf oder Leasing, respektiv d'Reaktivatioun vun dem System vun der FSCL geduecht. Hie wier suguer bereet eng Persoun fir d'Bedénge vum System ze bezuelen. D'Bedenke vun der Kommissioun sinn allerdéngs déi, wou ët och virun e puer Joer scho gouf, an zwar d'Ofhängegkeet vun der Manpower.
Wëll mir awer just en onofhängege System wollten, proposéiert de Steve, vun offizieller Säit (FSCL) nach emol e puer Offere fir en Dräijoereskontrakt unzefroen an e bessere Präis ze verhandelen.
Uschléissend solle sech dann de Christian Helmig, respektiv de Florian Salzinger, an de Steve nach emol mat dem Här Hilgert treffen, fir eng Decisioun ze huelen.

5. **<u>Organisation jury/délégués lors des épreuves jeunes en 2025</u>**

Fir d'Epreuves Jeunes brauche mir keng voll ausgebildte Jury, just Leit, déi wësse wéi e Parcours soll ausgesinn an déi e Klassment opstelle kënnen. Eng Ofsprooch mat de Leit vun der Jury ass awer wichteg, schon eleng fir eng besser Kommunikatioun ënnerteneen.
De Claude Magar bereet eng Powerpoint Präsentatioun mat allen néidegen Infoe vir, fir déi op der Versammlung mat de Veräiner am Hierscht ze weisen.

6. **Insigne technique 2024 et éventail**

Wéi ënnert Punkt 4 schon erwähnt, soll d'Technikofzeechen ëm den 9.11 am Parking Souterrain vum Kichechef op der Cap ofgehale ginn. Als Organisator fungéiert bis elo de Veräin vun den Trailhunters Miersch. Sollt ët fir sie nët méiglech sinn dës Organisatioun duerch ze zéien, dann iwwerhëlt d'Kommissioun ënnert der Bedingung, dat all Veräin, dee Jonker huet, zwou Persoune fir ze hëllefen dohi schéckt.
De Richard Spautz relancéiert nach emol de Marc Hermes fir d'Material, daat hien eis kënnt schräineren.

De Fächer ass do, a gëtt elo mat engem klenge Begleetbréif un d'Veräiner an d'Membere vun eiser Kommissioun geschéckt. Weider Exemplaire kënnen d'Veräiner beim Sekretariat vun der Federatioun bestellen.

7. **Entrevue Christian Helmig et Entrevue clubs**

D'Entrevue mat de Veräiner soll am November nom Kalennerkongress an der Maison des Sports oder um INS stattfannen, op dem Kalennerkongress sollen d'Veräiner spéitsdens doriwwer informéiert ginn.
Fir d'Entrevue mam Christian Helmig kuckt de Florian Salzinger mat him en Datum ze fannen an hält eis um Lafenden.

8. **Equipement vestimentaire délégués et comité**

All Membere vun deene verschiddene Kommissioune kréien 2025 déi néideg Fräizeitkleeder iwwert de Sponsor vun der Federatioun. (G-Art)

9. **Divers**

De Romain Engels gëtt nach e puer Informatiounen zu verschiddene Projéen vun der Stad Lëtzebuerg:
- De Verbindungswee vum Bike-park Boy Konen op de Cyclocross Parcours Josy Miersch ass um Rullen, ët hänkt momentan just nach un der Gemeng Leideléng, datt d'Arbechte kënnen ufänken.
- Déi nei BMX-Pist ass gestëmmt, an 3 Woche sollen d'Arbechten ufänken.
- De SAF Zéisseng an d'LP Millebaach haten a wärten och weiderhinn Aktivitéite ronderëm de Vëlo am Ale Schluechthaus hunn, en attendant dat deen Neie Projet dann irgendwann un d'Rulle kënnt.

**Nächst Versammlungen**: 14.10 an 11.11 um 19h00 um Boy Konen